N° 5617
Reçue le 28.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.01.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staats- a Medieminister weiderzeleeden.

An der Konventioun tëschent dem Staat a Radio ARA vum 19. Mee 2021 ass am Artikel 1 nozeliesen, datt Radio ARA a senger Programmaarbecht am Bezuch op d'Aktualitéit eng Rei sozial, kulturell, a kënschtleresch Krittäre muss anhalen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Staats- a Medieminister gär dës Froe stellen:

1) Gesäit den Här Minister et als opportun engem onofhängege Biergerradio sou wäitreechend staatlech Normen opzeerleeën? Gesäit den Här Minister a sou engem Virgang net eng Gefor fir d'Onofhängegkeet vun der Presse an hirer schrëttweiser Verstaatlechung?
2) Wéi steet den Här Minister am Sënn vun der Fro virdrun zu der Méiglechkeet, fir sou wuel déi offiziell Pressebäihëllef a Form vun direkte Subside wéi och déi divers Bäihëllefen, déi am Kader vu bilaterale Konventioune fléissen zum gesetzlech nächst méiglechen Zäitpunkt auslafen ze loossen an duerch eng Steierreform fir d'Mediebetriber ze substituéieren, sou, datt dës och hir finanziell Onofhängegkeet zukünfteg méi liicht aus eegene Mëttele séchere kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten